


FUEDEM DEN NAUE

INFOBLAT VUN DER GEMEEN WORMER




N° 2

SEPTEMBER 2020



■ WORMER ■ WORMERBERREG ■ OHN ■ ÉINEN ■ DRÄIBUER ■ KAPENACKER ■ MEECHTEM



GEMEEN WORMER

DE FUEDEM NET VERLÉIEREN

EDITORIAL	1
Claude Pundel	1
GEMEENEROT	2
De Bericht vun de Sitzungen	2
MATDEELUNGEN	14
Studentesubsiden	14
Gutt ze wëssen	15
Vu Majorz op Proporz	16
Buergermeeschterwiessel	17
Informatioun un d'Hondsbesëtzer	18
Op eng gutt Noperschaft	19
Waasseranalysen	20
Bongen-Aktioun	22
NAUEGKEETEN	24
Mir feieren	24
Mir bauen	26
Mir soen Äddi	31
Mir stellen an	32
KLIMAPAKT	34
Reaudit	34
Energiebuchhaltung	35
KONTAKT	36
Nëtzlech Nummern	36



CLAUDE PUNDEL

GEMEENECONSEILLER | CONSEILLER COMMUNAL

PRESIDENT VUM SCHOULSYNDIKAT BILLEK |

PRÉSIDENT DU SCHOULSYNDIKAT BILLEK



LÉIF MATBIERGER AUS DER WORMER GEMEEN,

Et ass mir een grouss Éier an diser Ausgab vum naue FueDEM mech un Eech alleguer ze riichten. Déi Zäit säit Mäerz 2020 bedeit fir vill Privatleit Entbierungen, Krankheet an der Famill, limitéierte Sozialkontakt a fir is Betriber, déi doraus resultéierend ekonomesch Auswirkungen an de komplette Stand-still vun iser, fir d'Gemeen sou typescher, Veräins- a Wäikultur.

Säit 2005 sinn ech Conseiller am Gemeenerot a si beméit mech zu 100% am Interessi vun allen Bierger anzesetzen. Mat mäiner Erfahrung vu 15 Joar Kommunalpolitik an domat méttlerweil als déngscheelste Conseiller am Gemeenerot, setzen ech mech an diser Mandatsperiod ganz besonnesch am edukative Beräich a wou ech säit 2017 d'Presidence vum Schoulsyndikat Billek iwwerholl hunn.

Um Niveau vun der Schoul, der Maison Relais an der Crèche huet d'Situatioun ëm de Covid-19 an déi national Mesurë vum Confinement eng ganz Réi vun organisationellen Upassung verlaangt. Vum Ofännere vun de Buspläng, dem Reamenagement vun de Säll, dem Andeelen a méi kleng Gruppe bis hin zum digitalen Enseignement an zu virtuellen Ateliere vun der Maison Relais an der Crèche fir d'Kanner mat hiren Elteren, hu mir iwwert déi lëscht Méint versicht permanent een ugepassten Offer unzebidden.

E grouse Merci geet besonnesch un d'Léierpersonal an un d'Personal vun der Maison Relais, der Crèche an dem Syndikat, souwéi de Kolleegen aus dem Bureau a Comité fir déi grouss Flexibilitéit a spontan Hëllefsbereitschaft fir zesumme beschtméiglech déi Erausforderungen ze meeschteren. Houfreg sinn ech och iwwert de Versteesdemech an d'Disziplin mat där d'Kanner an hir Eltere matgehollef hunn déi Mesurë beschtméiglech ëmzesetzen.

Doriwwer eraus leit et mir besonnesch um Häerz fir all ise Kanner een modern an adequat Infrastruktur um Site zu Dräibuer kënnen unzebidden, déi Spaass um Spillen, Entdecken a Léiere mécht. An déi Iwwerleeung reit sech och d'Sanéieren an den Ausbau vun der Sportsinfrastruktur "Am Ga". An eener flotter Zesummenarbecht mat dem Bureau Dieschbourg Wagner Architectes entsteet een adaptéiert a funktionell Gebai wat all Woch iwwert 120 Spiller a Spillerinnen d'Méiglechkeet gëtt hirem Sport nozegoen, dat matten an der Natur an a Proximitéit zur Maison Relais.

Ofschléissend well ech besonnesch déi gutt Zesummenarbecht mat alle Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemeenerot ervirhiewen, nëmmen esou ass et méiglech iis Gemeen fir d'Zukunft fit ze maachen an d'Liewensqualitéit vun den Awunner auszubauen.

Eech alleguer, Léif Matbierger, wënschen ech eng gutt Rentrée, a bleift gesond!

CHERS CONCITOYENS,

Dans cet éditorial, Claude Pundel, conseiller depuis 2005, jette un regard particulier sur le domaine éducatif et le "Schoulsyndikat Billek" qu'il préside depuis 2017. Au cours du dernier semestre, nos structures éducatives et d'encadrement ont dû s'adapter à la crise sanitaire en modifiant les plans des bus, en réaménageant les salles de classe, en scindant les classes en deux. L'enseignement digital a connu son essor et à l'aide d'ateliers virtuels, le personnel de la Maison Relais et de la Crèche ont continué à offrir un service adapté en permanence. Il adresse un grand Merci à l'ensemble des personnes impliquées, y compris les parents qui ont contribué à la mise en œuvre de ces mesures. Il lui tient en outre à cœur d'offrir une infrastructure moderne et adéquate à Dreiborn qui donne envie de jouer, découvrir et apprendre. Dans ce même ordre d'idées, le terrain de football "Am Gaa" sera assaini et agrandi de manière à ce que 120 joueurs par semaine aient la possibilité d'exercer leur sport dans des conditions idéales. En guise de conclusion, Claude Pundel remercie bien vivement ses collègues du Conseil Communal et du Conseil Échevinal de leur bonne collaboration, qui est nécessaire afin que la Commune de Wormeldange soit prête à affronter les défis de l'avenir et apte à améliorer votre quotidien. Il ne lui reste qu'à vous souhaiter une bonne rentrée et restez en bonne santé!

GEMEENEROTSSITZUNG

vu méindes, dem 18. Mee 2020



Present: De Buergermeeschter Max Hengel ; d'Schäfte Mathis Ast a Martine Schmit ; d'Conseillere Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius a Philippe Steffen ; de Gemeenesekretär Jean-Jacques Hellers

Ufank vun der Sitzung: 08.00 Auer

ËFFENTLECH SITZUNG

1. Restantenetat 2019

9 x ☒

De Gemeenereceveur, Robert Godart huet dem Gemeenerot de Restantenetat vum ofgeschlossenen Exercice 2019 virgeluecht. D'Réckstänn vun de Rechnunge vum Joer 2019 chiffriéiere sech op 38.220,88 €. De Gemeenerot approuvéiert eng Entlaaschtung an Héicht vun 1.268,58 €. De Solde vu 36.952,30 € muss nach agedriwwe ginn.

De Restanten-etat gëtt eemol d'Joer vum Gemeenereceveur presentéiert. Dobäi gëtt eng Lëscht vu Leit, déi nach oppe Rechnunge bei der Gemeen hunn, virgeluecht. De Receveur freet Entlaaschtung fir gewëssen Zommen, de Rescht gëtt poursuivéiert.

2. Projet vun den Héichwaassergeforen- an Héichwaasserrisikokaarten 2019 — Stellungnam

9 x ☒

Par rapport zu de virrechten Héichwaasserrisikokaarten si keng Ännerunge virgeholl ginn. De Gemeenerot hält Kenntnis vum Héichwaasserrisiko - Gestionsplang dee vum Waasserwirtschaftsamt ausgeschafft ginn ass, an iwwermëttelt seng Stellungnam der Madamm Ëmweltministesch.

3. Redressement vun der Wäistrooss op dem Tronçon Wormer - Éinen — Geneemegung vum Ausschreibungsdossier

9 x ☒

De Gemeenerot huet den Ausschreibungsdossier vun der Sanéierung vun der Wäistrooss op dem Tronçon Wormer - Éinen, zesumme mat der Konstruktioun vum Vëloswee, dem Verleeë vum Ofwaasserkollekter, der Erneierung vun den Trottoiren an de Versuerungsnetzer geneemegt. D'Département des travaux publics vum Ministère de la Mobilité et des Travaux Publics huet dësen Dossier opgestallt. Dëse Projet verleeft a Phasen an d'Bauhäre sinn de Staat, de SIDEST an d'Gemeen.

NET ËFFENTLECH SITZUNG

4. Nominatioun op déi zwee fräi Poste fir den techneschen Déngscht an der Gemeeneverwaltung

a) Ingénieur - techniciens (Service Technique)

De Gemeenerot decidéiert, a geheimer Ofstëmmung, de Poste vum Fonctionnaire (Karriär A2), sous-groupe scientifique et technique, fir de Moment net ze besetzen an d'Plaz nei auszuschreiwen.

b) employé(e) communal(e) (Service Technique)

No der Ausschreiwung vum Poste vum Gemeenebeamten an der Gemeeneverwaltung fir d'Besoin vum Service technique sinn 18 gültig Kandidaturen zeréckbehale ginn. De Gemeenerot decidéiert, a geheimer Ofstëmmung, den Här Jeff Schneider op de Poste vum Gemeenebeamten (Karriär B1), sous-groupe scientifique et technique, ze nenne mat Wierkung op den 1. Juli 2020.

ENN VUN DER SITZUNG ■



SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

lundi 18 mai 2020



Présents : Le bourgmestre Max Hengel; les échevins Mathis Ast et Martine Schmit ; les conseillers Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius et Philippe Steffen ; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

Début de la séance : 08.00 heures

SÉANCE PUBLIQUE

1. Etat des restants 2019

9 x ☒

Le receveur communal Godart Robert a présenté au Conseil communal l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2019. Le montant total des recettes à recouvrer se chiffre à 38.220,88 €. Le Conseil communal décide de décharger un total de 1.268,58 € pour des sommes irrécouvrables et d'admettre un solde de 36.952,30 € en reprises provisoires.

2. Projet de révision des cartes des zones inondables et des cartes des risques d'inondation 2019 — avis

9 x ☒

Aucune modification n'a été apportée aux cartes des zones inondables et des cartes des risques d'inondation précédentes. Le Conseil communal prend note du plan de gestion des risques d'inondation élaboré par l'Administration de la gestion de l'eau et transmet son avis à Madame la Ministre de l'Environnement.

3. Redressement de la Route du Vin sur le tronçon Wormeldange - Ehnen — Approbation du dossier de soumission

9 x ☒

Le Conseil communal approuve le dossier de soumission portant sur le réaménagement de la N10, la construction d'une piste cyclable, la pose d'un collecteur pour eaux usées et le réaménagement des trottoirs et des réseaux divers. Le département des travaux publics du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics a élaboré ce dossier. Le projet se déroulera en différentes phases. Les maîtres d'ouvrage sont l'Etat, le SIDEST et la Commune de Wormeldange.

Une fois par année, l'état des restants est présenté au Conseil communal par le receveur. Une liste de débiteurs sera soumise au Conseil communal. Le receveur propose des décharges pour certaines sommes, les autres seront poursuivies.

À HUIS CLOS

4. Nomination aux deux postes dans le sous-groupe scientifique et technique pour le Service Technique

a) Ingénieur – technicien (Service Technique)

Par vote secret, le Conseil communal décide de ne pas occuper le poste du fonctionnaire (carrière A2), sous-groupe scientifique et technique, pour l'instant et de procéder à une nouvelle publication.

b) employé(e) communal(e) (Service Technique)

Suite à la publication du poste de l'employé communal (m/f), groupe d'indemnité B1 – sous-groupe scientifique et technique pour le Service Technique, 18 candidatures recevables ont été retenues. Par vote secret, le Conseil communal décide de nommer M. Jeff Schneider au poste en question, avec effet au 1^{er} juillet 2020.

FIN DE LA SÉANCE ■



GEMEENEROTSSITZUNG

vun donneschdes, dem 28. Mee 2020



Present: De Buergermeeschter Max Hengel ; d'Schäfte Mathis Ast a Martine Schmit ; d'Conseillere Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius a Philippe Steffen ; de Gemengesekretär Jean-Jacques Hellers

Ufank vun der Sitzung: 17.30 Auer

NET ËFFENTLECH SITZUNG

1. Nominatioun op de fräie Poste fir den techneschen Déngscht an der Gemeeneverwaltung

No der Neiausschreiwung vum Poste vum Responsabele fir den Techneschen Déngscht, ass den Här Antonio Carlos Canas, op déi fräi Plaz vum Ingénieur-Technicien mat Wierkung op den 1. Juli 2020 genannt ginn.

2. Festleeë vun der Pai vum Responsabelen am Techneschen Déngscht

De Responsabele vum techneschen Déngscht kënnt an d'Karriär A2, sous-groupe scientifique et technique a gëtt deementspreechend bezuelt.

ENN VUN DER SITZUNG ■

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

jeudi 28 mai 2020



Présents : Le bourgmestre Max Hengel; les échevins Mathis Ast et Martine Schmit ; les conseillers Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius et Philippe Steffen ; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

Début de la séance : 17.30 heures

À HUIS CLOS

1. Nomination au poste vacant pour le Service Technique dans l'administration

Suite à la nouvelle publication du poste de responsable pour le Service Technique, M. Antonio Carlos Canas a été nommé au poste vacant de l'ingénieur-technicien, avec effet au 1^{er} juillet 2020.

2. Détermination de la rémunération du responsable au Service Technique

Le responsable du Service Technique est affecté à la carrière A2, sous-groupe scientifique et technique et sera rémunéré en conséquence.

FIN DE LA SÉANCE ■

#NetUniMengMask

ASS FIR MÄI GESIICHT GEDUECHT, NET FIR AN D'NATUR

Chirurgesch Masken
a Schutzhandsche
sinn aus **Plastik**,
net aus Pabeier.



450

Joer



Si brauchen extrem
laang fir sech an der
Natur ze zersetzen:



Si gehéieren net op de Buedem oder an de
Recycling, mee an d'**schwaarz Poubelle**.



info@ebl.lu



ENG LÉISUNG SOLL NET
ZUM **PROBLEM** GINN



GEMEENEROTSSITZUNG

vun dënschdes, dem 7. Juli 2020



Present: De Buergermeeschter Max Hengel ; d'Schäfte Mathis Ast a Martine Schmit ; d'Conseillere Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius a Philippe Steffen ; de Gemengesekretär Jean-Jacques Hellers

Ufank vun der Sitzung: 18.00 Auer

ËFFENTLECH SITZUNG

1. Konventioun tëscht der Gemeen an dem Här an der Madamm Marxen-Hildebrand

8 x ☒ 1 x ☐

D'Konventioun vum 28. Mee tëschent der Gemeen an der Famill Marxen-Hildebrand huet als Zil d'Verhältnisser tëschent der Gemeen an dem Initiator vum Projet ze reegelen. Si gesäit och déi stroosebaulech Uschléissung vum zukünftigen Haus mat Annex un d'Rue de Beyren um Kapenaker op Käscht vum der Famill Marxen-Hildebrand vir.

2. Einnahmeerklärungen

De Gemeenerot huet d'Einnahmeerklärungen a Gesamtheit vum 2.217.189,49 € geneemegt.

3. Ufro vun Zousazkreditter

9 x ☒

De Gemeenerot freet eng Rei Zousazkreditter am Budget 2020 un. Dëst ass drop zeréckzeféieren, datt verschidde Rechnunge vum 2019 eréischt nom Ofschloss vum Exercice 2019 erakomm sinn, an elo iwwer den Exercice 2020 musse bezuelt ginn.

Fir d'Participatioun am Jugendhaus vum der Croix Rouge ze bezuelen, gëtt e Montant vum 60.000 € nogestëmmt.

Fir den Decompte vum Club-Senior kënnen ze begläichen, gëtt e Montant vum 43.500 € nogestëmmt.

Am Kader vum Erstelle vum neie PAG sinn nach Rechnunge vum Büro C03 erakomm déi och op d'Joer 2019 zrëckzeféiere sinn, och op deem Artikel muss een Zousazkredit vum 100.000 € gestëmmt ginn.

4. Bongen-Aktioun fir Nationalfeierdag — Budgetsartikel

9 x ☒

Opgrond vum der aktueller Pandemie, sinn d'Feierlechkeete fir Nationalfeierdag des Joer anescht ausgefall. Fir d'Finanzéierung vum der Beliichtung vum de Gebaier, dem Tournage vum Video an den 10€-Bongen un all Awunner muss e neie Budgetsartikel mat engem Betrag vum 32.000 € geschafe ginn. Dëst ass eng Mesure déi souwuel de Bierger wéi dem lokalen Handel zeguttkënnt.

5. Zousätzlech Subsidien

9 x ☒

Op Virschlag vum Schäfferot decidéiert de Gemeenerot der Dëschtentnisfederatioun fir hir Broschür an der S.O.S Détresse fir hir wichteg Aufgab am soziale Beräich jeeweils e Subsidium vu 50 € ze accordéieren.

6. Geneemegung vu verschiddenen Notärsakten

9 x ☒

De Gemeenerot approuvéiert d'Notärsakte laut deenen den Här Graf J. zwee Stécker Strooss vu 70 Zentiar an 22 Zentiar, an den Här an d'Madamm Duhr-Schmit e Stéck Trottoir vum 73 Zentiar an der « Rue de Niederdonven » zu Ohn gratis un d'Gemeen oftrieden.

7. Avis betreffend d'Klasséierung vun engem Haus um Wormerberg

8 x ☒ 1 x ☐

Op Ufro vu Sites et Monuments ass d'Haus, 31 rue Hiel, wat dem Här an der Madamm Mesenburg-Sadler gehéiert, vum Kulturministère als nationaalt Denkmal klasséiert ginn. De Gemeenerot gesäit kee Grond des Ufro ze refuséieren a gëtt e positiven Avis zu der Klasséierung of.

8. Avis betreffend déi Belsch Strategie fir d'Entsuerung vun nuklearen Offäll

9 x ☒

D'Gemeene si vum Syvicol opgeruff ginn eng Resolutioun ze stëmmen datt den ONDRAF dëse Projet fir d'Deponie vu radioaktiven Dechargen un der belsch-lëtzebuergescher Grenz iwwerdenkt an d'Prozedur stoppt bis e méi objektive Plang fir d'Deponie ausgeschafft ass. De Gemeenerot

hëlt d'Resolutioun tel quel un.

9. Temporäert Verkéiersreglement « Neie Wee » zu Éinen

9 x ☒

De Gemeenerot confirméiert dem Schäferot säin Drénglechkeetsreglement vum 17. Juni fir de Verkéier duerch den « Neie Wee » während dem Frëschmaache vun de Kullangen an dem Pawee (ca. 4 Wochen) an déi zwou Richtungen ze verbidden.

NËT EFFENTLECH SITZUNG

10. Karriärswiessel

De Gemeenerot accordéiert dem Här Robert Godart, Gemeenereceveur, d'Promotioun an d'Karriär A2, sou wéi vun him ugefrot.


ENN VUN DER SITZUNG ■



REGIONAL MAACHER
MUSEKSCHOUL
www.maacher-musekschoul.lu

MUSEKSCHOUL VUN DE GEMENGE

GRÉIWEMAACHER, BECH, BETZDER, BIWER, FLUESSWEILER, LENNENG, MÄERTERT/WAASSERBËLLEG, MANTERNACH A WUERMER.



Grouss virtuell Porte ouverte op
www.facebook.com/maachermusekschoul

EIS OFFER:

Musek an der Eltere-Kand Grupp

Musek mat kleng Kanner, zesumme mat engem Elterendeel, fir Kanner vu 6 Méint bis 3 Joer.

Eveil musical

Fir Kanner ab dem Alter vu 4 - 6 Joer.

Formation musicale

Fir Kanner (ab dem Alter vu 7 Joer), Jugendlecher an Erwuessener, an der Division inférieure a moyenne.

Danz

- Kllasseschen Danz fir Kanner ab dem Alter vun 3 Joer.
- Modernen Danz fir Kanner ab dem Alter vun 10 Joer.

Klassesch Instrumenter

(ab dem Alter vu 6 Joer):

- Blockflütt, Querflütt, Hautbois, Klarinett, Saxophon
- Trompett, Bügel, Trombonn, Cor, Euphonium, Tuba
- Kllassesch Gittar, Gei, Cello
- Perkussioun, Piano
- Gesank fir Kanner, Jugendlecher an Erwuessener.

Jazz-Rock-Pop (ab 12 Joer):

Elektresch Gittar, Akustesch Gittar, Bass Gittar
Drumset, Keyboard, Saxophon, Trombonn, Gesank.
Theater a Musical Gesank

D'MUSEKSCHOUL ASS OCH OP FIR SCHÜLER AUS ANERE GEMENGEN AN DER REGION.
ASCHREIWUNGEN, STONNEPLÄNG A WEIDER INFORMATIOUNE FANNT DIR OP:

www.maacher-musekschoul.lu

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

mardi 7 juillet 2020



Présents : Le bourgmestre Max Hengel ; les échevins Mathis Ast et Martine Schmit ; les conseillers Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker, Marc Beckius et Philippe Steffen ; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

Début de la séance : 18.00 heures

SÉANCE PUBLIQUE

1. Convention entre la Commune de Wormeldange et M. et M^{me} Marxen-Hildebrand

8 x ☒

La convention conclue le 28 mai entre la Commune de Wormeldange et la famille Marxen-Hildebrand a pour objet de régler les relations entre la Commune et l'initiateur du projet et prévoit que les travaux de viabilisation de la future maison avec annexe, la connectant à la « Rue de Beyren » au Kapenaker, sont à charge de la famille Marxen-Hildebrand.

2. Titres de recettes

Le Conseil communal approuve des déclarations de recettes d'un montant total de 2.217.189,49 €.

3. Demande de crédits supplémentaires

9 x ☒

Le Conseil communal inscrit un certain nombre de crédits supplémentaires au budget 2020. Ceci est principalement dû aux dates de facturation et au fait que l'exercice 2019 a déjà été clôturé.

Pour subvenir aux dépenses liées à notre participation dans la maison de jeunes de la Croix Rouge, un crédit de 60.000 € a été sollicité.

Un crédit spécial de 43.500 € est porté au budget 2020, afin de pouvoir régler le décompte du Club-Senior.

Dans le cadre de l'établissement du nouveau plan d'aménagement général (PAG), certaines factures se rapportant à l'année 2019 ont encore été réceptionnées, mais ne peuvent plus être comptabilisées dans l'exercice en question. Ainsi, un crédit supplémentaire de 100.000 € doit être voté au titre de cet article budgétaire.

4. Action bon d'achat dans le cadre de la Fête Nationale — Création d'un nouvel article budgétaire

9 x ☒

Comme les festivités dans le cadre de la Fête Nationale ont dû être annulées à cause de la crise sanitaire, le Collège échevinal et le Conseil communal ont décidé d'illuminer les façades de quelques bâtiments communaux à la veille de la Fête Nationale, de tourner une vidéo et d'offrir à chaque habitant un bon d'achat d'une valeur de 10 €. Étant donné que cette dépense n'a pas été prévisible lors de l'établissement du budget 2020, l'action doit être financée en créant un nouvel article budgétaire pourvu d'un montant de 32.000 €. Tout en faisant un geste envers les habitants, il s'agit également de donner un coup de pouce au commerce local.

N'oubliez pas à faire valoir votre bon d'achat jusqu'au 31 décembre 2020. Découvrez nos commerces participants aux pages 22/23!

5. Subsidés extraordinaires

9 x ☒

La Fédération du Tennis de Table et S.O.S Détresse ont chacun reçu un subside de 50 €, l'un pour la réalisation d'une brochure, l'autre pour sa tâche essentielle dans le domaine social.

6. Approbation d'actes notariés divers

9 x ☒

Les actes notariés relatifs à la cession gratuite d'un terrain de 70 centiares et d'un terrain de 22 centiares, de la part de M. Graf J. et d'un terrain de 74 centiares de la part de M. et Mme Duhr-Schmit, tous sis à « Rue de Niederdonven » à Ahn et en faveur de la Commune, sont approuvés par le Conseil communal.

7. Classement monument national — avis du Conseil communal

8 x ☒

Sur la demande soumise par le Service des sites et monu-

ments nationaux, l'immeuble 31, rue Hiel, appartenant à M. et M^{me} Mesenburg-Sadler, est désormais classé comme monument national. Ne voyant aucune raison de refuser cette demande, le Conseil communal émet un avis favorable par rapport au classement.

8. Stratégie belge de gestion des déchets nucléaires — avis du Conseil communal

9 x ☒

Suite à l'appel lancé par le Syvicol, le Conseil communal a décidé de s'opposer au projet de plan pour l'enfouissement géologique des déchets radioactifs à

la frontière belgo-luxembourgeoise tel que proposé par l'ONDRAF. Le Conseil communal adhère à cette résolution qui demande de reporter la consultation publique pour autant qu'un plan objectif soit établi concernant le stockage des déchets nucléaires.

9. Règlement temporaire de circulation « Neie Wee » à Ehnen

9 x ☒

Le Conseil communal confirme le règlement de circulation d'urgence édicté par le Collège échevinal dans le cadre des travaux de réfection de la rigole en pavés. La rue « Neie Wee » à Ehnen sera barrée

pour une durée d'environ 4 semaines.

À HUIS CLOS

10. Changement de groupe de traitement

Le Conseil communal accorde à M. Robert Godart, receveur communal, la promotion au groupe de traitement A2, telle que demandée par l'agent.

FIN DE LA SÉANCE ■

Et si la transition énergétique...

démarrait chez vous ?

Nous vous accompagnons tout au long de votre projet !

Votre conseiller myenergy vous donne une appréciation de l'isolation thermique et de la consommation électrique de votre logement. Il vous guide sur l'utilisation des installations techniques valorisant les énergies renouvelables et vous informe également sur toutes les démarches à entreprendre pour mener à bien votre projet et avoir accès aux aides financières !

Votre diagnostic énergétique

myenergy, votre partenaire pour une transition énergétique durable, vous propose un conseil de base en énergie neutre et gratuit, en partenariat avec votre commune !

Abordez les étapes nécessaires pour réussir votre projet de rénovation énergétique ou de construction durable, découvrez les aides financières disponibles ou faites-vous conseiller en matière de mobilité durable.



Conseil personnalisé

Prenez rendez-vous avec votre conseiller dès aujourd'hui !

Nous sommes à votre disposition pour une visite à domicile, une vidéoconférence ou un conseil par téléphone.

8002 11 90 myenergy.lu

Ce service est financé par myenergy et votre commune.



GEMEENEROTSSITZUNG

vu mëttwochs, dem 12. August 2020



Present: De Buergermeeschter Max Hengel ; d'Schäfte Martine Schmit ; d'Conseillere Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker a Marc Beckius ; de Gemengesekretär Jean-Jacques Hellers

Entschëllegt: De Schäfte Mathis Ast; de Conseiller Philippe Steffen

Ufank vun der Sitzung: 17.00 Auer

ËFFENTLECH SITZUNG

1. D'Festleeë vun de Grond- a Gewerbesteiersätz 2021

7 x ☒

De Gemeenerot beschléisst d'Grond- an d'Gewerbesteiersätz fir d'Joer 2021 sou bäizebehal wéi déi Jore virdrun. D'Grondsteuer A a B ginn op 300% festgeluecht, während d'Gewerbesteier bei 250% läit.

2. Aarbechten op Feld- a Wéngertsweeër — Devis

7 x ☒

De Gemeenerot approuvéiert dee vun der «Administration des Services Techniques de l'Agriculture» ausgeschafften Devis vun engem Gesamtmontant vu 542.000 € TTC fir d'Erneuerung vu 4 Wéngertsweeër. De Detail ass de folgenden: «Op Pietert» zu Wormer op enger Längt vu 480 Meter fir 155.000 €, «Op Tomm» zu Wormer op enger Längt vu 688 Meter fir 143.000 €, «Pällembiorg Partie I» zu Ohn op enger Längt vu 582 Meter fir 152.000 € an «Pällembiorg Partie II» zu Ohn op enger Längt vun 316 Meter fir 92.000 €. Den Devis ëmfaasst d'Aarbechten «Reprofilage, mise en oeuvre d'enrobés bitumineux».

3. Geneemegung Pachtvertrag — «Treil» zu Meechtem

7 x ☒

De Gemeenerot geneemegt de Pachtvertrag vun 1 Joer tëscht der Gemeen (Bailleur) an dem Här Goergen M. (Pächter) betreffend eng Parzell vun 0,43 Ar am «Treil» zu Meechtem fir eng järelech Pacht vun engem Euro.

4. Geneemegung vu verschiddenen Notärsakten

7 x ☒

a) Konventioun mam Netzbedreiwer Creos

De Gemeenerot approuvéiert d'Konventioun tëscht der CREOS

an der Gemeen déi de 15. Juli vu béide Parteien ënnerschriww ginn ass. Si leet fest datt de Netzbedreiwer fräien Accès op de Gemeenenterrain zu Dräibuer huet, op deem den Transformator elo steet.

b) Acquisitioun vun enger Sträif Terrain «An de Gaarden» zu Meechtem

De Gemeenerot bewëllegt de Notärsakt duerch deem eng Sträif vun 43 Zentiar «An de Gaarden» zu Meechtem an de Besët vun der Gemeen kënnt. Den Akt ass de 15. Juli vun der Gemeen an dem Här an der Madamm Davito-Randazzo ënnerschriww ginn a leet en Akafspräis vun 322,50 € fest. D'Grondstéck ass kaf ginn am Hibleck op d'Amenagéiere vun engem Trottoir.

c) Verkaf vun enger Sträif Terrain «Rue de Wormeldange-Haut» zu Éinen

De Verkafsakt vum 15. Juli, duerch deem d'Gemeen eng Sträif Terrain zu Éinen an der «Rue de Wormeldange-Haut» un d'Madamm Gomes S. oftrëtt a wou de Präis fir 1,1 Ar op 55.000 € festgeluecht gouf, ass vum Gemeenerot approuvéiert ginn.

d) Gratis Oftriede vun Terrainen «Knupp» zu Meechtem un d'Gemeen

De Gemeenerot approuvéiert de Notärsakt laut dem d'Gesellschaft DRYBUD IMMOBILIEN SARL (Madamm Drygalska I.) eng Rei Stécker vun insgesamt 36 Zentiar um «Knupp» zu Meechtem gratis un d'Gemeen oftrëtt.

5. Avis betreffend d'Ophiewe vum sektorielle Leitplang «décharges pour déchets inertes»

7 x ☒

An der Sitzung vum 18. Juni 2004 hat deemolege Gemeenerot schonn e puer Remarken iwwer de sektorielle Leitplang «décharges pour déchets inertes» formuléiert. Well keng Reklamatiounen eragereecht gi sinn, gëtt de Gemeenerot e positiven Avis zum Ophiewe vum Plan sectoriel iwwert d'Bauschuttdeponien of.

6. Extraordinäre Subsid – Comité des Fêtes Grevenmacher

7 x ☒

Obschonn d'Gréiwemaacher Drauwen- a Wäifest dës Joer coronabedéngt ausfällt, geneemegt de Gemeenerot dem Organisateur vum Fest déi ublich finanziell Ënnerstëtzung vun 125 €.

NET EFFENTLECH SITZUNG

7. Demissioun vun engem Gemeenebeamten

D'Demissioun vum Här Yves Enders, Redakter, ass mat Wierkung op den 1. September vum Gemeenerot ugeholl ginn.

ENN VUN DER SITZUNG ■



Circular Economy im Landwirtschaftsbetrieb !

Sammlung und Verwertung von Abfallprodukten in der Landwirtschaft

Économie circulaire dans l'agriculture!

Collecte et recyclage des produits de déchets dans l'agriculture

Lange war es in der Landwirtschaft noch möglich, weitgehend geschlossene Kreisläufe zu erhalten und Abfälle im Betrieb zu minimieren. Aber auch hier haben Kunststoffe und Verpackungen Einzug gehalten und bei der Instandhaltung von Gebäuden und Maschinen fallen Produkte wie Altmetalle, Elektroteile, Leuchtmittel oder Altöle an. Oft liegen die Mengen weit über dem, was in ländlichen Privathaushalten üblich ist. Hinzu kommen Pflanzenschutzmittelverpackungen und gegebenenfalls auch Reste von Pflanzenschutzmitteln.

Falls es hier Fragen oder Probleme gibt, können sich auch landwirtschaftliche Betriebe an die SuperDrecksKëscht® wenden. Die SDK® für Betriebe ist ein kostenloses Angebot des Ministeriums für Umwelt, Klima und nachhaltige Entwicklung (in Zusammenarbeit mit Chambre des Métiers und Chambre de Commerce). Im Vordergrund steht immer die kostenlose Beratung. Die Abfallentsorgung erfolgt in der Regel weiter über die bestehenden Strukturen. In Sonderfällen z.B. bei problematischen Abfällen wie Altölen steht die SuperDrecksKëscht® auch als Entsorger zur Verfügung.

Was bietet die SuperDrecksKëscht® für die Landwirtschaft ?

- ☒ Beratung, Information und Weiterbildung (SDK-Akademie) z.B. in Zusammenarbeit mit dem Maschinenring und der ASTA*
- ☒ Vermeidung und Verwertung, Organisation der Agrarfoliensammlung in Zusammenarbeit mit der ASTA* und Maschinenring
- ☒ Tipps zur ökologischen Behandlung und Lagerung von Altprodukten
- ☒ Dokumentation und Zertifizierung mit dem Label SuperDrecksKëscht®, dem Gütezeichen für umweltgerechte Abfallwirtschaft

* Administration des services techniques de l'agriculture

Die Sammlung von Agrarfolien erfolgt bereits seit mehr als 20 Jahren. Inzwischen werden auch weitere Kunststoffe wie Netze und Schnüre gesammelt. 2019 wurden in Luxemburg insgesamt 1377 to Schmelze, davon 635,5 to Silofolien und 556 to Ballenfolien. Auch Sondersammlungen von Reifen und Pflanzenschutzmittelverpackungen wurden durchgeführt.

Longtemps, il était encore possible de maintenir des circuits largement fermés dans l'agriculture et de minimiser les déchets au sein de l'exploitation. Mais, dans ce secteur, les matières plastiques et les emballages ont fait leur apparition et des produits comme des vieux métaux, des pièces électriques, des lampes ou des huiles usagées résultent maintenant de la maintenance des bâtiments et des machines. Souvent, les quantités sont largement supérieures à ce qui est habituel dans les foyers ruraux. En plus ils existent des emballages de pesticides et éventuellement des résidus de pesticides. Si des questions ou des problèmes existent dans ce domaine, les entreprises agricoles peuvent aussi se tourner vers la SuperDrecksKëscht®, action du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable (en collaboration avec la Chambre des Métiers et la Chambre de Commerce). Les conseils gratuits sont toujours au premier plan. L'élimination des déchets s'effectue en général via les structures existantes. Dans les cas spécifiques, par exemple pour les déchets problématiques comme les huiles usagées, la SDK® est aussi disponible en tant qu'entreprise de collecte.

Ce que la SuperDrecksKëscht® offre pour l'agriculture :

- ☒ Conseils, information et formation (SDK-Akademie), par exemple en collaboration avec le Maschinenring et l'ASTA*
- ☒ Prévention et recyclage, organisation de la collecte des films agricoles en collaboration avec ASTA* et le Maschinenring
- ☒ Conseils en vue du traitement et du stockage écologiques
- ☒ Documentation et certification avec le Label SuperDrecksKëscht® pour une gestion écologique des déchets

La collecte existe depuis plus de 20 ans. Entretemps d'autres plastiques tels que des filets et des ficelles sont également collectés. En 2019, un total de 1377 tonnes a été collecté au Luxembourg, dont 635,5 tonnes de films d'ensilage et 556 tonnes de films d'enrobage. Des collectes spéciales de pneus et d'emballages de pesticides ont également été réalisées.



Sammlung durch Maschinenring und SuperDrecksKëscht® im Auftrag von:



Collecte par le Maschinenring et SuperDrecksKëscht® au nom de:

Informationen zur Verwertung und zum Ressourcenpotential von Abfallprodukten, incl. der Produkte aus der Landwirtschaft:
www.ressourcenpotential.com



Informations sur la valorisation et le potentiel de ressources des déchets, y compris les produits agricoles sur:
www.potentiel-de-ressources.com

Aktuell gibt es 89 angeschlossene Landwirtschaftsbetriebe, davon 15 labelprämiert
Il y a actuellement 89 fermes affiliées, dont 15 labellisées

Bakona s.à.r.l. - 9, rue Nachtbann - L-5955 Itzig
Bio Man Biométhanisation Manger - 1, Buchholzerhaff - L-6925 Flaxweiler
Biogas Our sàrl - 1a, route de Diekirch - L-9834 Holzthum
Biogas un der Atert - 35, rue de Reichlange, L-8508 Redange
Biohaff Toodlermillen - 1, op der Millen - L-9181 Tadler
Dixen Horses - 30, op Holsber - L-9639 Boulaide
Exploitation Agricole Ferme Mathay - 19 Op der Fléiber - L-9378 Flebour / Michelau
Exploitation Agricole Houtmann - 12, an Uerbech - L-7418 Buschdorf
Exploitation Agricole Kaes - Henkesbësch - L-9835 Hoscheiderdick
Exploitation Agricole Weiler - 7, an der Gaass - L-9457 Landscheid
Maraîcher Kirsch - 301, rue des sept-Arpes - L-1149 Luxembourg
Mathéllef a.s.b.l. Mutterter Haff - 12, um Kinert - L-5334 Moutfort
Naturgas Kielen s.c. - Route N12 - L-8295 Kehlen
Piet Van Luijk s.à.r.l. - 1, rue de Müllerthal - L-6211 Consdorf
Reidstall Kempemillen - Kempemillen - L-8374 Hobscheid



SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

mercredi 12 août 2020



Présents : Le bourgmestre Max Hengel ; l'échevin Martine Schmit ; les conseillers Claude Pundel, Marc Kring, Martine Kohll, Armand Becker et Marc Beckius; le secrétaire Jean-Jacques Hellers

Excusés : L'échevin Mathis Ast, le conseiller Philippe Steffen

Début de la séance : 17.00 heures

SÉANCE PUBLIQUE

1. Fixation du taux de l'impôt foncier et commercial

7 x ☒

Le Conseil communal décide de maintenir l'impôt foncier et l'impôt commercial pour l'exercice 2021 aux taux pratiqués les années précédentes. Les impôts fonciers A et B sont maintenus à 300%, tandis que le taux de l'impôt commercial s'élève à 250%.

2. Travaux de voirie rurale — Devis

7 x ☒

Le Conseil communal approuve le devis dressé par l'Administration des Services Techniques de l'Agriculture à hauteur de 542.000 € TTC, relatif à la mise en état de différents chemins ruraux. Voici le détail: « Op Pietert » à Wormeldange sur une longueur de 480 mètres au montant de 155.000 €, « Op Tomm » à Wormeldange sur une longueur de 688 mètres pour 143.000 €, « Palmberg Partie I » à Ahn sur une longueur de 582 mètres pour 152.000 € et « Palmberg Partie II » à Ahn sur une longueur de 316 mètres pour 92.000 €. Le devis comprend des travaux de reprofilage et mise en œuvre d'enrobés bitumineux.

3. Approbation contrat de fermage — «Treil» à Machtum

7 x ☒

Le Conseil communal approuve le contrat de fermage d'une année entre la Commune de Wormeldange (bailleur) et M. Goergen M. (preneur du bail) concernant une parcelle de 0,43 ares située au lieu-dit «Treil» à Machtum et donnée en location à partir du 1^{er} septembre 2020 au prix annuel d'un euro.

4. Approbation de divers actes notariés

7 x ☒

a) Convention avec le gestionnaire de réseau CREOS

Le Conseil communal approuve la convention signée le 15 juillet entre CREOS et la Commune de Wormeldange autorisant le gestionnaire de réseau d'accéder au terrain communal à Dreibern, étant donné que le transformateur y a été déplacé.

b) Acquisition d'une bande de terrain «an de Gaarden» à Machtum

L'acte notarié relatif à l'acquisition d'une bande de terrain de 43 centiares sis à « An de Gaarden » à Machtum est approuvé par le Conseil communal. L'acte signé en date du 15 juillet 2020 entre la Commune de Wormeldange et M. et Mme Davito-Randazzo prévoit un prix de 322,50 €. Les parcelles ont été acquises en vue de l'aménagement d'un trottoir.

c) Vente d'une bande de terrain «Rue de Wormeldange-Haut» à Ehnen

L'acte du 15 juillet par lequel la Commune de Wormeldange cède une bande de terrain de 1,1 ares sis à « Rue de Wormeldange-Haut » à Ehnen à Madame Gomes S. et dont le prix de vente s'élève à 55.000 €, a été approuvé par le Conseil communal.

d) Cession gratuite de terrains «Knupp» à Machtum

Le Conseil communal approuve l'acte notarié du 15 juillet ayant pour objet la cession gratuite de terrains d'une superficie totale de 36 centiares sis au lieu-dit « Knupp » à Machtum par la société DRYBUD IMMOBILIER SARL (M^{me} Drygalska I.) à la Commune de Wormeldange.

5. Abrogation du plan directeur sectoriel « décharges pour déchets inertes » — prise de position

7 x ☒

Les dernières remarques concernant le plan directeur sectoriel « décharges pour déchets inertes » datent du 18 juin 2004, le jour d'une séance de l'ancien Conseil communal. Étant donné qu'aucune observation ne lui a été parvenue jusqu'à la fin du dépôt public, le Conseil communal émet un avis positif quant à l'abrogation du plan sectoriel en question.

6. Subside extraordinaire — Comité des Fêtes Grevenmacher

9 x ☒

Bien que la Fête du Vin à Grevenmacher ait été annulée cette année-ci pour les raisons et les conséquences liées au Covid-19, le Conseil communal décide d'allouer à l'organisateur l'aide financière habituelle d'une valeur de 125 €.

À HUIS CLOS

7. Démission d'un fonctionnaire communal

La démission présentée par le rédacteur, M. Yves Enders, prenant effet au 1^{er} septembre 2020 a été acceptée par le Conseil communal.

FIN DE LA SÉANCE ■

myenergy
Luxembourg

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

NEISTART
LËTZEBUERG

**CLEVER
SOLAR**
*e Spuerbuch
um Daach*

**ENTDECKT D'SOLARPOTENTIAL VUN ÄREM HAUS.
PRODUZÉIERT ENERGIE DOHEEM!**

D'Handwierker an d'Architekten si bereet firlech an Ärem Projet ze begleeden!

myenergy
8002 11 90

www.clever-primes.lu

Administration Communale
de Wormeldange



B.P. 7

L-5507 Wormeldange
www.wormeldange.lu

Remarques:

■ La prime est allouée aux élèves respectivement aux étudiants ayant réussi avec succès l'année scolaire 2019-2020.

■ Pour que la demande soit complète, des **pièces justificatives (diplôme, bulletin, attestation de réussite) doivent impérativement être jointes à la demande de subside.**

■ Les demandes de subsides sont à adresser à l'Administration Communale de Wormeldange, soit par courrier, soit en remplissant le formulaire en ligne (avec Acrobat Reader)

■ Le dernier délai pour soumettre une demande de subside est le **31 décembre 2020**

■ Ce formulaire peut être téléchargé sur www.wormeldange.lu

Demande de prime pour élèves et étudiants/ Année d'études 2019-2020

Je soussigné/e

Nom

Prénom

Demeurant à

Numéro

Rue

Code postal

Localité

Né/e le

Date de naissance

à

Lieu de naissance

Fréquentant

Nom de l'établissement scolaire

Données de contact

Téléphone

Adresse Mail

Compte bancaire

IBAN

BIC-Code

Titulaire du compte

Nom

Prénom

**sollicite une prime d'encouragement auprès du Collège échevinal de
la Commune de Wormeldange pour ma réussite scolaire**

_____, le _____ 2020
(localité) (date)

(signature de l'étudiant ou
du représentant légal)

RÉSERVÉ À L'ADMINISTRATION COMMUNALE

- ☐ 75 € (Lycée) (3/250/648330/99001)
- ☐ 50 € (École de musique) (3/836/648330/99001)
- ☐ 125 € (Université) (3/250/648330/99001)

demande accordée le

par

KLEEDERSAMMLUNG

« AKTIOUN AALT GEZEI - STROOSSESAMMLUNG » ACTION ANNULÉE!

La collecte de vieux vêtements à travers l'ensemble du pays, organisée par **Kolping asbl** avec l'aide de Jongenheem asbl et initialement planifiée du 24 au 26 septembre n'aura pas lieu en septembre 2020.

Néanmoins, les citoyens auront toujours la possibilité de déposer leurs vieux vêtements emballés dans les conteneurs qui leur sont mis à disposition toute l'année.

« GRAND RAMASSAGE DE VIEUX VÊTEMENTS » - REPORTÉ AU 19 MARS 2021

organisé par l'Aide aux Enfants Handicapés du Grand-Duché

D'GEMEEN WORMER PRÉSENTÉIERT DE NEIE PAG

Wéini? Méindes den 12. Oktober um 19.00 Auer
Wou? Zu Dräibuer an der grousser Sportshal

A Presenz vum Bureau d'études CO3 gëtt de neie Bebauungsplang vun der Gemeen virgestallt. E Livestream gëtt organiséiert a Froe vun de Nolauschterer kënnen vun Doheem aus iwwer en Chat gestallt a beäntwert ginn.

D'Plazen si begrenzt. Detailler a puncto Umeldung kommen no.

NIGHT CARD

vun der Gemeen Wormer

kritt Dir am Populatiounsbüro vun der Gemeen. Bis 26 Joer kascht dës Kaart 25 € d'Joer. Bierger vu 27+ kréien dës Kaart fir e Joresbäitrag vu 40 €.

Op Bestellung kënn Dir lech dann, ouni weider Käschten, freides a samschdes owes mat dem Nightrider ofhuelen an heembrénge loossen. Entweder den Depart oder d'Arrivée müssen an der Gemeen sinn.




Plus d'informations?

nightrider.lu



3018

DAT ASS D'ZUEL VUN DEN AWUNNER DÉI D'GEMEEN AM JULI VERZEECHENT HUET



Se ginn oft vergiess, mee och Dräibuer an de Kapenaker sinn Uertschaften aus der Gemeen Wormer. 4 Leit waren Enn 2005 um Kapenaker ugemellt, woubäi d'Bevölkerung vun Dräibuer dat selwecht Joer 0,1 % vum Ganzen uitgemaach huet.

D'Awunnerzuel vum Kapenaker huet sech verduebelt. Ofgesinn dovun hu Wormer a Meechtem par rapport zum Joer 2005 de gréissten Wuesstem kannt.

De 5. Juni 2014 huet de Gemeenerot eestëmmeg entscheet de Wunnquartier Léibesch un d'Uertschaft Éinen ze glidderen. Mat enger Ëmfro déi am Virfeld gemaach ginn ass, sinn d'Awunner selbstverständlech an dës Entscheidung mat agebonne ginn.

Den 2. Mäerz 2020 huet sech den 3.000. Awunner an der Gemeen Wormer ugemellt, wat de Schrëtt vun enger Majorz- an eng Proporzgemeng bedeit.

3

JOER UM BUERGERMEESCHTERSTULL

Fir d'Walresultat vun de Gemeewale vun 2017 am beschten ze reflektéiere war ausgemaach, datt de Max Hengel an de Mathis Ast sech d'Mandatszäit vum Buergermeeschter ënnerteneen opdeelen an de Mathis an der Hallschend d'Rudder iwwerhëllt.

Den 1. September huet de Max no knapps 3 Joer seng Demissioun als Buergermeeschter agereecht. Wann déi bis vum Grand-Duc ugeholl ass, gëtt de Mathis vum Gemeenerot als Buergermeeschter designéiert an de Max hëlt d'Funktoun

vum Schäffen un. Offiziell am Amt si si nodeems si vun der Inneministesch vereedegt gi sinn.

Dëse Wiessel bréngt och mat sech, datt de Mathis als Präsidant vun der Bautekommissioun duerch de Max ersat gëtt, an de Marc Kring hei d'Plaz vum Marc Beckius anhëlt.

Am Schäfferot fiert een da mat deem selwechten Elan virun an och d'Projete gi mat der selwechter Motivatioun ugepaakt. De Budget 2021

gëtt opgestallt, den neie PAG geet an d'Prozedur, de Projet vum Atelier fir de Service Technique an de Pomjeesbau um Kundel gëtt konkretiséiert, den internen Organigramme gëtt ugepaakt, d'Biergerbedeelegung fir d'Gestaltung vum Duerfkär zu Wormer gëtt ageleet an déi aktuell Projeten (Säit 26-30) gi weitergefëiert.

De Mathis gouf, grad wéi de Max, 2011 fir d'éischt an de Gemeenerot gewielt an ass säit 2015 Deel vum Schäfferot.



220

DAT SINN D'MUPPEN DÉI ELEI AN
DER GEMEEN UGEMELLT SINN

Gehéiert Ären Hond do derzou? Dat huele mir jo mol un, well säit dem ofgeännerte Gesetz vum 9. Mee 2008 huet all Hondsbesëtzer d'Flicht säi véierbeenege Frënd bannent engem Mount, respektiv bannent 4 Méint no der Gebuert vum Hond, op der Gemeen ze mellen. Dëst gëllt och fir een Depart an eng aner Gemeen, d'Wiessele vum Besëtzer an d'Verstierwe vum Hond.

Art. 3.

(1) Tout chien doit être déclaré par la personne physique ou morale qui en a la détention à l'administration communale de la commune de résidence du détenteur. La déclaration du chien est à faire, contre récépissé, dans les quatre mois qui suivent la naissance du chien. A cet effet, le détenteur du chien doit remettre à l'administration communale:

- un certificat, délivré par un vétérinaire agréé, attestant l'identification de la race ou du genre et l'identification électronique du chien ainsi que sa vaccination antirabique en cours de validité;

- une pièce attestant qu'un contrat d'assurance a été conclu avec une société agréée ou autorisée à opérer au Grand-Duché de Luxembourg garantissant la responsabilité civile du détenteur du chien pour les dommages causés aux tiers par l'animal.

(2) Tout détenteur d'un chien doit satisfaire en permanence aux conditions fixées par cet article et doit pouvoir tenir à disposition des agents chargés du contrôle de la présente loi, le récépissé valable.

(3) Tout décès, perte ou cession d'un chien doit être déclaré par son détenteur à l'administration communale de la commune de résidence du détenteur du chien. Il en est de même lors du changement de résidence du détenteur du chien.

Art. 4.

En cas de changement de résidence du détenteur du chien, sans préjudice des dispositions prévues à l'article 3(1), le détenteur est tenu d'en faire la déclaration à la nouvelle administration communale dans le délai d'un mois sur un formulaire fourni par celle-ci. La déclaration doit être accompagnée du récépissé valable. L'administration communale délivre au détenteur un nouveau récépissé et en informe l'administration communale de provenance.

Art. 5.

En cas de changement du détenteur du chien:

- lorsque le nouveau détenteur réside dans la même commune, sans préjudice des dispositions prévues à l'article 3(1), il est tenu d'en faire la déclaration à l'administration communale dans le délai d'un mois sur un formulaire fourni par celle-ci. La déclaration doit être accompagnée du récépissé valable. L'administration communale délivre au nouveau détenteur un nouveau récépissé;

- lorsque le nouveau détenteur réside dans une autre commune, sans préjudice des dispositions prévues à l'article 3(1), il est tenu d'en faire la déclaration à l'administration communale de sa résidence dans le délai d'un mois sur un formulaire fourni par celle-ci. La déclaration doit être accompagnée du récépissé valable.

L'administration communale délivre au nouveau détenteur un nouveau récépissé et en informe l'administration communale de provenance.

**De Formulaire fannt Dir op
eisem Internetsite ënnert Vie
Quotidienne – A-Z – Chiens**





PETIT EFFORT, GRANDE DIFFÉRENCE

Et ass e ganz einfache Geste mat deem Dir eis Gemeen kënn propper halen. Folgend Plazen dierft weeder Dir nach Äre Mupp knaschteg maachen: Trottoiren, Vëlosweeër, Spillplazen, Grénganlagen, Terrainen vun ëffentleche Gebaier, Busplazen an aner ëffentlech Plazen. Hondsdreck deem net opgeraf gëtt kann zu enger richteger Plo fir eis Awunner a Gemeenepersonal ginn. Dofir respektéiert wgl. Äert Ëmfeld a benotzt d'Hondstuuten déi Iech zu deem Zweck zur Verfügung stinn.

Procédez au ramassage des crottes de votre chien sur la voie publique, aux abords des bâtiments publics, aux écoles, sur les passages piétons, les trottoirs, les arrêts de bus, les espaces verts, les aires de jeux, les pistes cyclables. La Commune fournit gratuitement des sacs ramasse-crottes à cet effet. Ils sont disponibles à la mairie et dans une série de distributeurs installés sur le territoire de la Commune.



VERHALENSREEGELE FIREENHARMONESCHT MATENEEN

Respektéiert Är Noperen a méit Äre Wuess ausserhalb vun der Mëttesstonn, de Feierdeeg an dem Sonndeg. Dës an och aner geräischintensiv Aktivitéite sollen och owes ënnerlooss ginn. D'Nuetsrou gëllt et ze respektéieren.

Pour maintenir le bon voisinage, n'utilisez les engins bruyants qu'en dehors du midi, du dimanche et des jours fériés. Toute activité bruyante est également censée être omise pendant les heures du soir. Nous vous prions de respecter le repos nocturne.



Haalt Iech un d'Parkreegelen aus dem Code de la Route! Un dëser Plaz wëlle mir Iech drun erënneren, datt d'Parken op engem Trottoir verbueden ass. Denkt drun, datt dëst virun allem eng Fro vun der Sécherheet fir d'Foussgänger an aner Automobilisten ass. Deemno gëtt ee bei enger Kontroll protokolliéiert wann ee mat sengem Gefier den Trottoir blockéiert.

Respectez les règles relatives au stationnement du Code de la Route et ne stationnez pas sur les trottoirs. C'est avant tout une question de sécurité: sécurité des piétons et d'autres automobilistes. Le blocage du trottoir par un véhicule sera verbalisé.

5X

D'JOER GËTT D'WAASSER AN DER GEMEEN OP SENG QUALITÉIT GEPRÉIFT

LA QUALITÉ DE L'EAU DANS LA COMMUNE DE WORMELDANGE EST
VÉRIFIÉE 4 FOIS PAR ANNÉE

lescht
Analyse:
16/7/2020

**Eisem Waasser seng mikro-biologesch a
chemesch Eegeschafte si konform zu
den Normen**

Les résultats de la dernière analyse
(16/7/2020) ont montré que les prop-
riétés microbiologiques et chimiques de
l'eau de Wormeldange étaient confor-
mes aux normes

D'Waasser an
der Wormer
Gemeen ass
mëll, de Grad
läit tëscht 5 a
9° dH

**Waasserhäert ass ofhängeg vum Kalzi-
um a Magnesium Gehalt!**

L'eau potable de Wormeldange est une
eau douce, sa dureté se situe entre 5 et 9
° dH. La dureté de l'eau dépend de sa
teneur en calcium et magnésium!




Eist Waasser
kann ouni
Bedenken als
Drénkwaasser
genotzt ginn!

**Krunnewaasser ass dat am strengste
kontrolléiert Liewensmëttel hei am Land**

Vous pouvez l'utiliser sans souci en tant
qu'eau potable! L'eau du robinet est
l'aliment le plus strictement contrôlé
dans notre pays

**Déi aktuell Analysen an de Härtegrad
vum Waasser fannt Dir op eisem Inter-
netsite ënnert Vie Quotidienne —
Environnement — Eau potable**

Vous pouvez consulter les analyses
récentes sur notre site internet sous la
rubrique Vie Quotidienne — Environ-
nement — Eau potable





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable
Administration de la gestion de l'eau

Sensibilisierungsphase

Trinkwasser

Um Trinkwasserknappheit während trockenen Perioden mit hohen Temperaturen vorzubeugen, möchten wir Sie gerne dazu aufrufen freiwillig auf folgende Aktivitäten zu verzichten:

- ! Befüllen von privaten oder aufblasbaren Schwimmbecken sowie private Teiche, Behälter,...
- ! Wassererneuerung in privaten Schwimmbecken
- ! Autowäsche (professionelle Autostraßen sind erlaubt)
- ! Reinigung von Gehwegen, Garagen, Fassaden oder sonstigen Außenanlagen
- ! Hochdruckreinigung
- ! Betrieb von Springbrunnen (Springbrunnen mit geschlossener Zirkulation sind erlaubt)
- ! Bewässerung von Rasen, Parkanlagen, Friedhöfen und Sportplätzen
- ! Kühlen von Ess- und Trinkwaren unter laufendem Wasser

Weitere Informationen: <https://gd.lu/3dQjGk>



50

**[BETRIBER FREË SECH IWWER
DEN 10-EURO BONG DEEN DIR
BEI HINNEN ALÉISST]**


**An? Hutt Dir lech schon
eppes Flottes gegénnt?**

Duerch eis Bongen-Aktioun fir Nationalfeierdag si bis ewell ronn 300 Bongen am Wäert vun 3000 € ageléist ginn. Déi éischt Betriber kruten hir Iwwerweisungeschon. A 50 Betriber uechter d'Wormer Gemeen kënn Dir

Äre Bong nach bis den 31. Dezember aléisen. Kommt mir hëllef en eisen Traditiounsbetriber an de Leit déi hir Passioun zu hirem Beruff gemaach hunn a kafe lokal. Sief et e Wénzer, Brenner, Restaurateur, Wiert, Pâtissier, Garagist, Fitnesstrainer, Coiffer, si all sinn Deel vun eiser lokaler Geschäftswelt. Hinnen hir Aktivitéite sinn an

de leschte Méint deelweis ferm gebremst ginn. Dofir gräift d'Gemeen de Betriber wéi och de Bierger finanziell ënnert d'Äerm. Kroomt Äre Bong eraus a gitt en aus, gären och e bësse méi!

Bong
Bon d'achat
Gutschein



Gemeen
Wormer

MIR FEIEREN



Grad elo, matzen an der Wäifest-Saison hätte mer eis op flotte Fester kënne begëinen. Mee dës Joer feiere mir noutgedrungen am klengen Krees, Covid-19 oblige... Trotzdem kucke mir hei op e puer schéi Momenter aus deene vergaangene 4 Méint zeréck, déi mer natierlech am léifste mat Iech zesumme verbruecht hätten.



Dem Här Emil GREIF säin 90. Gebuertsdaag



10. Mee 2020 - Gebuert vun eisem Pränz Charel



Europadag 2020 - Fir eng Unioun ouni Grenzen



Covid-konformen Nationalfeierdag am klengen Krees

BONG

Déi éischt Akafsbongen
si schon ageléist! Dir hutt
Ären nach? Op de Säiten
22/23 verrode mir lech wat Dir
alles domat kënnt maachen.

Usprooch fir Nationalfeierdag a
Presentatioun vun der
Bongen-Aktioun

5

- 1 Am Déconfinement war eise Schäfferot beim Här Emil GREIF vun Éinen op Besuch fir him fir säin 90. Gebuertsdag ze wënschen. Mir wënschen nach emol Alles Guddes a virun allem eng gutt Gesondheet!
- 2 Am Mee hu mir am Numm vum Schäffen- a Gemeenerot, dem Gemeenepersonal an alle Bierger aus der Gemeen der Ierfgroussherzoglecher Koppel fir d'Gebuert vum Prënz Charles felicitéiert. E Remerciement huet net laang op sech waarde gelooss!
- 3 Den Europadag stoung dës Joer ënner kengem gudde Stär! Am Virfeld waren eise Buergermeeschter an d'Buergermeeschter-Kolleegen aus der Grenzregioun sech eens: si wëllen a brauche keng zoue Grenze mat de Noperen!
- 4 Eng Rei Leit haten de Virschlag vun eise Schäfferot befollegt an sech d'Gebai an hirem Duerf, ënnert de néidege Sécherheetsmoossnamen ugekuckt. Obwuel et schéi war, hoffe mir dat nächst Joer erëm wéi gewinnt dierfen ze feiern!
- 5 A senger Usprooch fir Nationalfeierdag, stellt de Schäfferot seng Aktioun vir, déi souwuel de Betriber wéi och de Bierger zeguttkënnt. De Video kënnt Dir lech nach ëmmer op eisem Internetsite an der Aktualitéit ukucken.
- 6 No den éischte 40 vun 102 Gemeenen déi se besiche wollten, waren déi 3 jonk Studente frou driwwer op der Koeppchen eng gutt kal Kippche Miseler Cremant vum Schäfferotsmember Martine Schmit zerwéiert ze kréien.

Déi 3 Studenten vun The Every
Corner Tour haten hiren 41. Halt an
der Gemeen Wormer

6

MIR BAUEN

DE PARKING HANNER DER GEMEEN

Wien? An der Sitzung vum 15. Februar 2017 huet **den deemolege Gemeenerot** dem Pro-jet vun engem Parking hannert der Gemeen gréng Luucht ginn. D'Iddi dovun datéiert awer scho vill méi wäit zréck.

Wat? Gebaut gëtt e **Parkhaus mat ronn 80 Stellplazen**, an dat op 4 Niveauen, dem Sous-Sol, dem Rez-de-Chaussée, dem 1., 2. an 3. Stack. Eng nei Trap mat Lift mécht d'Gemeng gläichzäiteg méi accessibel.

Wéini? De Chantier huet am **Mee 2018** ugefaangen a wäert nach bis **Enn dës Joer** undauern.

Wou? Hannert dem **Gemeenenhaus**, niewent dem Veräinsbau matten an dem ale Schoulhaff huet d'Konstruktiouns-firma Poeckes de Projet an Ugrëff geholl.

Wisou? D'**Parkplazen zu Wormer si rar** an duerch dat soziaalt a kulturellt Liewe gëtt de Bedarf u Stellplaze ëmmer méi grouss.

RAMPEN

Déi 3 Rampe vum Parkhaus si breet genuch fir de Géigeverkéier. Si féiere bis op de leschten Niveau vun deem aus een eng immens flott Vue an d'Wéngerten an op d'Koeppchen huet.

STAND SEPTEMBER

D'Reibauaarbechten sinn ofgeschloss an den Elektriker ass umgaang de Câblage ze leën.

WOU SI MER DRUN?

Lors de la séance du 15 février 2017, l'ancien conseil communal a approuvé le projet de construction d'un parking derrière la mairie. 80 emplacements de voiture sont répartis sur 4 niveaux. Un escalier et un accesseur rendent la mairie accessible à tout visiteur. Le chantier a été entamé en mai 2018 et s'achèvera fin 2020. Ce projet résout le problème des espaces parking qui sont relativement rares et dont le besoin ne cesse de s'accroître vue l'activité sociale et culturelle à Wormeldange.

ANNEX

Virum Kollektivcongé ass och d'Verbindung mam Gemeenenhaus gemaach ginn. Dat heescht dat aalt Trapenhaus an der Gemeng ass ofgerappt an e Lift agesat ginn. Deemno sinn d'Gemeeneservicer an Zukunft souwuel mam Lift wéi och iwwer eng Trap zougängelech.

OÙ EN SOMMES- NOUS?

Le gros œuvre, qui vient de se terminer, fut effectué par le constructeur Poeckes. L'électricien est en train d'effectuer les travaux de câblage. Un escalier et un ascenseur relient le parking et la mairie. La largeur des rampes permet la circulation dans les deux sens. Au dernier niveau du parking, il vous attend une vue splendide sur les vignobles et la Koeppchen.

Wéi d'Parkhaus funktionéiere wäert, spéiderhi zu engem spéideren Zäitpunkt matgedeelt.

Les modalités de fonctionnement vous seront communiquées ultérieurement.

MIR BAUEN


DE QUAI ZU ÉINEN

Wien? De Projet geet aus dem "Entwicklungskonzept für den Wassertourismus im luxemburgischen Moseltal" vum lokalen Aktionsgrupp **LEADER Miselerland** ervir. Eng Etüd vum **Service de la navigation** huet d'Urgence fir souee Projet bestätegt. **Ponts et Chaussées** ware schliisslech déi, déi de Projet vum Quai zu Éinen entworfen hunn.

Wat? Gebaut gëtt een **Quai** un deem souwuel grouss **Passagéierschëffer** wéi och **Sport- a Motorbooter** kënnen uleeën.

Wéini? De Chantier huet am **Juli 2019** ugefaangen a wäert nach bis **Enn dës Joer** undauern. Wéinst dem héije Stand vun der Musel am Mäerz, koum et zu Retarden an der Ausféierung vum Projet. De Fortgang vun der Aarbechten steet bäi 78%.

Wisou? Zousätzlech Quaie laanscht d'Musel hëllefen dobäi den touristesche Volet vun enger Uertschaft wéi Éinen auszebauen. Och d'Musel als Region gëtt a soll sou **touristesesch opgewäert ginn**.



WOU SI MER DRUN?

Le projet ressort d'un dossier du groupe d'action local LEADER Miselerland. Une étude menée par le Service de la Navigation a confirmé l'urgence du projet. L'Administration des Ponts et Chaussées a conçu le projet du quai d'accostage à Ehnen où les navires à passagers tout comme les bateaux de plaisance pourront accoster. Le chantier a été entamé en juillet 2019 et s'achèvera fin 2020. Le fleuve ayant gonflé en mars, a provoqué des retards dans l'exécution du projet. L'avancement du chantier est à 78%. Des quais supplémentaires valoriseront les aspects touristiques d'Ehnen et de la région mosellane entière.

Längt vum Quai

De Quai huet eng Gesamtlängt vun 165 Meter. Am Verglach, de Quai zu Wormer huet eng Längt vun 69 Meter a gëtt prinzipiell just vu Passagéierschëffer genotzt.

Käschtepunkt

D'Käschte ginn equivalent tëscht dem Mobilitéitsministère/Ponts et Chaussées an der Gemeen opgedeelt, sou datt de Projet e Coût vun 1.020.884,58 € fir d'Gemeen Wormer bedeit. 40% vun dem Undeel gëtt vum Staat subventionéiert.

OÙ EN SOMMES-NOUS?

2.041.769,16 €

Les coûts se répartissent de manière égale entre le Ministère de la Mobilité et des Travaux Publics/Ponts et Chaussées et la Commune de Wormeldange, de sorte que le coût à supporter par la Commune de Wormeldange s'élève à 1.020.884,58 €. Le projet est subventionné à raison de 40% par le Ministère de l'Économie (ressort tourisme). Le quai a une longueur totale de 165 mètres. Celui de Wormeldange quant à lui a une longueur de 69 mètres et n'héberge en principe que des navires à passagers.

Weider geet et herno mat der Verschëinerung an der Erneuerung vun der Esplanade laanscht d'Musel zu Éinen.
L'embellissement et le réaménagement de l'esplanade le long de la Moselle débutera immédiatement après.

MIR BAUEN

AUSBAU VUN DE BÜROEN

D'Reorganisatioun vum Personal bréngt och mat sech, datt nei Aarbechtsraum musse geschafe ginn. Den éischten an der Rei war de Populationsbüro. D'Salle d'attente ass ëmfunktionéiert ginn an d'Marie ass ganz houfreg op säin neie Büro. Wann Dir also deemnächst op d'Gemeen kommt, gitt Dir an engem fonkelneie Büro empfaangen. Dësen ass net nëmme méi geraimeg a modern, mee och méi hell an accueillant. Sou kënne mir lech ab elo en nach bessere Service offréieren.



ÄDDI A MERCI PIERRE

17,5 JOER



17 an en halleft Joer huet de Pierre, genannt Pitti, an der Gäertnesch-Ekipp dofir gesuergt datt eis Grénganlagen ëmmer gutt ausgesinn. Mee net nëmmen dat, hien huet ëmmer do eng Hand ugepaakt wou e gebraucht ginn ass: op der Navette fir de Wäibaudag, um Trakter um Cortège vum Maacher Wäifest oder hanner dem Comptoir op der Seniorenfeier. All Eck an der Gemeen war him bekannt. An duerch seng léif Aart a Weis war och hien an der ganzer Gemeen bekannt. Sait dem 1. März 2003 am Asaz fir d'Gemeen, war et den 1. September sou wäit an de Pitti ass a seng wuelverdénge Pensoun gaangen.

Dem Pitti wëlle mir am Numm vun all de Bierger an dem Gemeenerot e grouse Merci soen, fir säi jo-relaangen Asaz, säi gréngen Daum, seng Hëllefsbereitschaft a virun allem seng Mënschlechkeet. Mir wënschen dir eng laang a gesond Pensoun.



MIR STELLEN AN



Dat lescht Joer hu mir ganzer 6 nei Mataarbechter wëllkomm geheescht! Mir wënschen hinne vill Satisfaktioun an Erfolleg op hirer Plaz.

Ps.: Insgesamt suerge 24 Mataarbechter dofir datt et eise Bierger u näischt feelt. Léiert se kennen!

Dir gëft och gär op d'Gemeen
schaffe kommen? Eis oppe
Posten fannt Dir op:
wormeldange.lu/fr/Pages/Vacances-de-poste.aspx



Marie WALLERS

Expéditionnaire - Bureau de la population

Zënter dem 1. Oktober 2019 ass d'Marie Ären Uspriechpartner fir alles wat Umeldungen, Identitéitspabéieren, Extraiten aus dem Regëster, Bestiednesser, PACsen a Wielerlëschten ugeet. D'Marie kënnt vun der CSSF a mir sinn eis sécher datt et do och scho sou gutt bei de Leit ukomm ass.

marie.wallers@wormeldange.lu
population@wormeldange.lu
76 00 31 - 301



Carlos CANAS

Responsabel - Service Technique

Den 1. Juli 2020 huet de Carlos dem fréieren Ingénieur-Technicien säi Posten iwwerholl. Zu sengen Aufgaben zielen: d'Virbereedung, d'Elaboratioun an de Suivi vun Dossieren. Hien soll och d'Ekip vum techneschen Déngscht an eis Chantiere managen. Seng Joren beim Ingénieursbüro Schroeder & Associés wéi an der Gemeng Déifferdeng maachen aus him en optimalen Chef de Service.

carlos.canas@wormeldange.lu
technique@wormeldange.lu
76 00 31 - 306



Tim TRIE

Gärtner- Service

Den Tim Trierweiler ass d'Gärtner-Service verstärkt säit August. Hien ass e puer Jore bei d'Gemeen a huet d'Gärtner-Service iwwerholl. Linda këmmert hien an d'Verschönerung an d'Gréngflächen a suergt datt et eise Planzen a Blummen gutt geet.



Tedi PEREIRA

Elektriker - Service Technique

Den 1. Dezember 2019 krut de Roberto Santomauro Verstärkung an der Elektresch-Ekipp. Den Tedi huet virdrun bei der CREOS geschafft. Hei zu Wormer këmmert hien sech ëm d'Maintenance vun den elektreschen Installatiounen.



RWEILER

Service Technique

er ass vun Éinen a
ust eis Gäertnesch-
nam Gilles an dem
e sech ëm den Ën-
héinerung vun eise
rgt sou dofir, datt et
me gutt geet.



Jeff SCHNEIDER

Employé communal - Service Technique

Den 1. Juli 2020 huet och de Jeff op der Gemeen ugefaang an ass Deel vun der Administratioun am Service Technique. No gutt 3 Joer bei Paul Wurth, ass den Uespelter Jong haut zu Wormer ënner anerem zoustänneg fir d'Baugeneemegungen.

jeff.schneider@wormeldange.lu
technique@wormeldange.lu
76 00 31 - 355



Lis STEINMETZ

Employée communale - Sekretariat

Frësch vun der Uni ass d'Lis den 1. Februar 2020 op d'Gemeen komm. D'Redigéieren an d'Zesummenstelle vu Publikatiounen an den Ausbau vun der Presenz op de soziale Medien sinn ënner anerem Aufgaben déi dem Lis am Service Communication ënnerleien.

lis.steinmetz@wormeldange.lu
76 00 31 - 335

D'KLIMATEAM ERREECHT 57,7% VUN DE PUNKTEN



AM JULI 2013 SI MIR DEM KLIMAPAKT BÄIGETRUEDEN

Be-
huet.


Zënterhir huet sech d'Klimatteam scho fir d'drëtt de Froe vun engem externen Auditeur misse stellen. De 1. Juli 2020, huet d'Gemeenepersonal an d'Schäfte Martine Schmit ënnert dem Impuls vun eisem Klimaberoder Guy Schmit, a virun de präifenden A vun der Madamm Moreau, missen ënner weis stelle wéieng Mesuren d'Gemeen zënter dem leschten Audit 2016 a Saache Klima- an Energiepolitik ëmgesat

D'Firma Luxcontrol huet den Audit duerchgefouert an dem Klimatteam seng Aarbecht validéiert. Wann et ëm d'Punkteverdeelung geet dann sträiche mer virun allem déi grëndlech Féierung vun der **Energiebuchhaltung** ervir, an déi mir lech op der nächster Säit e klengen Abléck gewären. Déi **energeetesche Sanéierung vun der Grondschoul Billek** huet d'Gemeen punkteméisseg wäit no vir gedriwwen. D'**Kommunikatioun** ronderëm klimabezuechen Theemen huet sech iwwer déi lescht Joren och ferm verbessert.

Dëst huet eis erméiglecht eise «Sëlwer-Status» ze verteidegen, wuel gewosst datt d'Krittäre zënter dem leschten Audit vill méi streng gi sinn. Well mir sou gutt ofgeschnidden hunn, kënne mir mat enger Subventioun vun 20.000 € rechnen.

D'Aussichten si villversprechend, well mam Ëmsetze vun der Wandenergie an der Realisatioun vum Wandpark, fléissen an déi nächst Evaluatioun nach eng ganz Rëtsch weider Punkte mat an eist Resultat an.

E grouse Merci un
all d'Memberen aus
dem Klimatteam!



KLIMAPAKT - MENG GEMENG ENGAGÉIERT SECH

D'Energie ass ee vun den Haaptpillieren aus eisem Leitbild vum Klimapakt, dofir hu mir eis ganz ambitiéis Ziler fir d'Energieeffizienz vun eise Gemeenegebaier gesat. Den EnerCoach hëlleft eis dobäi dës Entwécklung am A ze behalen.

EnerCoach - D'Software
fir d'Energiebuchhaltung




Verbrauch vun de Gemeenegebaier an der Wormer Gemeen

Léif Matbierger,

Am Kader vum Klimapakt, musse mir um lafende Band kontrolléieren ob mir um richtege Wee sinn eis Ziler aus eisem Leitbild ze erreechen. Den Enercoach ass dofir e flotten Outil. Den Dashboard erméiglecht eis d'Opzeechnen, d'Suivéieren an d'Auswäerte vun eisem Verbrauch un Energie a Waasser. Mir kënnen eis Gebaier ënnertenee vergläichen a Léisung siche fir se am Ënnerhalt an am Betrib energetesch ze optimiséieren.

Chers concitoyens,

Un contrôle permanent de nos efforts est nécessaire afin de vérifier si nous sommes en bonne voie d'atteindre nos objectifs du pacte climat. Le logiciel EnerCoach est un bon outil permettant l'enregistrement, le suivi et l'évaluation de notre consommation en énergie et en eau. A l'aide de ce tableau de bord, la comparaison de nos bâtiments publics se fait aisément et nous incite à trouver des solutions afin de les optimiser énergétiquement.



A DMINISTRATION COMMUNALE DE WORMELDANGE

ANNUAIRE ■ 95, rue Principale L-5480 Wormeldange ■ 76 00 31 - 1 ■ www.wormeldange.lu

Collège des Bourgmestre et Échevins

Max HENGEL
Mathis AST
Martine SCHMIT

SECRÉTARIAT COMMUNAL

secretariat@wormeldange.lu Téléfax 76 84 92

Secrétaire communal	Jean-Jacques HELLERS	76 00 31 - 305
Secrétariat	Sarah REUTER	76 00 31 - 300
	Lynn KETTEL	76 00 31 - 317
	Steve NEISES	76 00 31 - 307
Communication et Relations Publiques	Lis STEINMETZ	76 00 31 - 335

BUREAU DE LA POPULATION

population@wormeldange.lu Téléfax 76 84 92

État Civil, Indigénat	Marie WALLERS	76 00 31 - 301
-----------------------	---------------	----------------

SERVICE TECHNIQUE

technique@wormeldange.lu Téléfax 76 00 31 - 316

Ingénieur technicien	Carlos CANAS	76 00 31 - 306
Ingénieur diplômé	David CAPALDINI	76 00 31 - 314
Ingénieur diplômé	Jeff SCHNEIDER	76 00 31 - 355

RECETTE COMMUNALE

recette@wormeldange.lu

Receveur communal	Robert GODART	76 00 31 - 303
-------------------	---------------	----------------

URGENCES TECHNIQUES

Eau	76 00 31 - 347
Voirie	76 00 31 - 342
Bâtiment	76 00 31 - 352

AUTRES

Centre forestier	24 75 66 98
Ecole fondamentale	621 35 57 13
Maison Relais	76 06 03 - 300
Service d'incendie et de sauvetage	76 01 34
Police Wormer	24 47 12 00

- IMPRESSUM -

DIRECTION
DE LA
PUBLICATION
Collège Échevinal

GRAPHISME ET
PRODUCTION
Lis Steinmetz

PHOTOGRAPHIE
Norry Stoltz, Carlo
Rinnen, Service
interne

MISE EN PAGE
Lis Steinmetz

RÉDACTION

Collège Échevinal,
Claude Pundel, Lis
Steinmetz

CORRECTION ET RELECTURE

Collège Échevi-
nal, Lynn Kettel,
Armand Becker

IMPRESSION

Imprimerie OSSA

QUANTITÉ
D'IMPRESSION
1200 exemplaires



OS



Winebars Are OPEN

Kommt, mir wëllen Iech eis Wäistuffe weisen

Och mat Ofstand dee beschte Riesling

Ëmfrot Iech beim Wënzer, ënnerstëtzt de Wënzer



éd.20

RIESLING

verluecht!

Open

17. > 19. SEPT. 2021

www.rieslingopen.com

mee d'Rieslingsgemeen
wibbelt trotzdeem